


De frommen Tom

En echte Simmer Ritter

Stéphanie Konnen
Suzan Noesen



Wann am Summer owes d'Fiichtegkeet aus dem Simmer Bësch geschlach kënn a sech mam Donst vun der Äisch vermëscht, da kréicht engem d'Keelt gär erop bis a Muerg a Schanken. An esou Momenter ass de klengen Tom frou, dass hien sech an d'Festung uewen um Hiwwel zeréckzéie kann, wou de kalen Niwwel een als lescht erwëscht. Daagsiwwer ass hien ni an de Gemäacher vun der Buerg ze fannen.

„Dat ass just eppes fir d'Fraleit“, seet säi Papp ëmmer, an effektiv huet dobannen seng Mamm d'Soen, do huet sech an de leschte 700 Joer laang näischt dru geännert.

Den Tom sträift léiwer laanscht a ronderëm d'Duerf a kuckt den Duerfbewunner no, wéi se Frelen aus der Äisch fëschen oder e waart op säi Papp Néckel, wann deen a seng Ritterfrënn d'Wëld vun der Juegd aus de Bichen - an Eechebëscher bréngen. Am léifsten awer lauschtert hien mat Virwëtz de Wäschfraen no, wann se sech bei hirer Aufgab um Wäschbuer, där et der eng Jett am Duerf mat de siewe Quelle gëtt, déi neist Geschichten aus der Géigend zum Beschte ginn.



Seng Mamm Adelheid, Alix genannt, eng éierlech a gleeweg Fra, gesäit dat guer net gär. „Dee Klatsch a Traatsch, dat Wäschfraegespréich, dat ass näischt fir en zukünftege Ritter, mä léiwen Thomas, dat gehéiert sech net, dat ass eng Sënn!“

D'Mod vun der Famill schmunzelt an esou Momenter an denkt sech: „Oh Tommy! Nach ni eng Wäsch gemaach, an awer eng al Wäschfra! Ma déi hu mer gär!“

Vill Waasser leeft an den Hierschter, wou aus dem klengen Tommy de Ritter Thomas vu Siwebueren gëtt, zu Simmer d'Hiwwelen erof, mee d'Duerf verännert sech weider net. Zwar gëtt et fir déi Simmer Herrschaft zur Ofwiesslung reegelméisseg Besuch bei a vun deenen aneren Adelegen aus dem Dall vun de 7 Schlässer. Zu esou Momenter fléisst net nëmme vill Waasser am Äischdall...

An awer kënnegt den Tom 1310 senger Mamm un: „Déi kuerz lëschtig Momenter mat de Boken, Gaukler an Täschepiller gi mir net duer, mech glëscht et no méi, no enger richteger ‚aventure! Et ass ofgemaach,



Impressum

Text: Stéphanie Konnen
Illustratiounen: Suzan Noesen
Layout: Rose de Claire, design.
Druck: Imprimerie Reka
Oplag: 600 Exemplaren
Download ënner: www.letzebuergwest.lu
Januar 2020
ISBN: 978-99959-917-5-3

Ëmgesat am Kader vun dem LEADER Projet HistoSchool vun der Regioun Lëtzebuerg West.



HistoSchool

Mat der Ennerstëtzung vun:




Europäischer Landwirtschaftsfonds für die Entwicklung des ländlichen Raumes: Hier investiert Europa in die ländlichen Gebiete



ISBN 978-99959-917-5-3



9 789995 991753



ech zéien nom Ritterschlag mat der Arméi vu mengem Kolleg Hari VII mat an Italien. Du weess, hien ass Grof vu Lëtzebuerg a säit 1308 réimesch-däitschen Kinnek, a lo wëll hien och nach de Keesertitel vum Poopst kréien. Ech wäert him dobäi hëllef seng Muecht ze vergréisseren!“

„Oh Tom, aus mengem Siweschléifer aus dem Duerf vun de 7 Buren ass e richteg Ritter ginn! Mee weess du iwverhaupt, wat dat heescht, Krich an Intrigen? Ech hoffen, du hues deng Flicht an der Ausbildung eesch geholl, da wäerts de scho wëssen, wat s de méchs! Pass gutt op dech an deng Siwesaachen op, mäi Jong!“

Als dem Hari säi Schatzmeester ass den Tom vu Simmer de Chef iwver déi kinneklech Gemäächer an de ganze Stot, mee virun allem iwver d'Schatzkummer, also iwver d'Suen. Well hien ee vum Kinnek senge wichtegste Beroder ass, muss den Tom sech natierlech gutt mam Hari senger patenter Madamm, der Marguerite de Brabant, verstoen, schliisslech sinn déi zwee vuneneen ofhängeg. Si organiséiert d'Suen, hie verwalt se, an den Hari...

gëtt se aus: fir seng Arméi, seng Ambitiounen, fir all Zort vu Bestiehung oder awer Amuserter wéi grouss Feiere mat senger ganzer Trupp.

A sou kënnt et, dass der gudder Marguerite hire plätzlechen Doud 1311 matzen op der Italienrees net nëmme fir den Hari VII a fir hire Bouf Jang de Blannen, mee och fir den Tom vu Simmer e grouse Verloscht duerstellt. Et soll net bei dësem éischte gëftege Stouss bleiwen, kuerz no senger Kréinung stierft de Keeser Hari VII de 24. August 1313 an den Äerm vu sengem treie Frënd Thomas, dee sech no der Baisetzung zu Pisa als vum Krich a Misär gezeechenten a gebrachene Mann op d'Heemrees mécht.

Wéi den Tom am Wanter 1313 duerch den dréiwe Mëlchriddo am Bësch erof op Simmer reit, formen d'Schietter vun de schwaarze Beem laang onheemlech Figuren. An obwuel ausser den Dännen d'Beem grad kee Gréngs droen, fënnt d'Sonn hire Wee nëmme a schmuele Fiedem duerch den décken Niwwel bis erof an de Simmer Dall.

Dem Tom gëtt et dronken, wéi him de faule Geroch vun de vermoderte Blieder an den Damp vun de Kuelemeiler hire Brennerien am Bësch an d'Nues klammen; hie fillt sech un déi schrecklech Gerécher vu Brennes an Doud erënnert, déi sech him an de ville Schluechten an d'Gediechtnes gebrannt hunn.

„So, kanns du dech nach un eiser Herrschaft hiren duerchdriwwenen Tommy erënneren? Dee kränklechen, bleechen a rabbelegen Typ, dee virun e puer Deeg an d'Duerf geridde koum, dat ass hien! Wann déi al Mod vun der Buerg mer et net lo grad selwer gezielt hätt, ech kéint et net gleewen!“

Nach ëmmer maachen d'Neigkeeten zu Simmer op de Wäschbuere d'Ronn, an och soss ass am idylleschen Duerf villes beim Ale bliwwen...

Just den Thomas ass net méi deselwechten: vun Albdreem geplot a bäi schwaacher Gesondheet verléisst hien d'Simmer Buerg am léifste guer net méi. Besuch verdréit hie keen, an d'Juegd erënnert hien ze



vill un d'Gemetzels am Krich, sou dass déi Adeleg aus der Géigend de Wee op Simmer net méi reegelméisseg aschloen.

Nëmme de schmuele Pad, dee vun der Buerg erof an déi kleng Kierch am Zentrum vum Duerf féiert, trëppelt hien ëmmer méi dacks erof. Huet seng Mamm, déi de Som vum Glawen an hirem Jong gesat huet, 1205 dëse Raum ugeluecht?

Seng Erënnerungen un d'Zäit virum Krich si blatzeg, mee de Som huet bäi alle Schrecken a Grausamkeeten op der Rees (oder grad dowéinst) Wuerzele geschloen a wüsst an e festen, fromme Glawen, deem seng Gréisst a Muecht hien an den Hari VII zesummen op de ville Statiounen an Europa kennen a schätze léieren. Well d'Ritualer vum Glawen, d'Bieden an d'Massen, dat eenzeg sinn, wat den Tom an der Riicht halen, denkt hien driwwer no, fir Paschtouer ze ginn, an hien hält scho bal all d'Masse selwer. Hien decidéiert, der klenger Kierch vu Simmer e würdegt Haus mat engem Tuerm ze bauen.

„Léiwen Hari, du waars mäi beschte Kolleg an has ëmmer Vertrauen a mech. Et huet e bësse gedauert, mee duerch de Glawen u Gott kann ech haut dankbar op eis Zäit zeréckkucken. Dofir wëll ech dës nei a méi grouss Kierch op dengem 4. Doudesdag, de 24. August 1317, offiziell weie loossen: ouni dech wier ech net dat, wat ech haut sinn!“

De Bau vun der Simmer Kierch an d'Gedenken u säi Frënd Hari VII ginn dem frommen Tom neie Liewensmutt a bréngt Liicht zeréck a säi Liewen. A sou verwonnert et net, dass hie sech 1323 fir e weltlecht Liewe mat der hollännescher Damm vu Cranendonck, Irmengard de Hornes, decidéiert. Déi zwee bestueden sech a kréien 1324 e klengt virwëtzegt Meedchen, d'Aleida vu Simmer, wat am léifsten dem Papp seng Geschichten héiert an de léiwe laangen Dag uechter d'Duerf straift an och do dem Gewäsch vun de Fraen op de Bueren nolauschert...

